

Fusioun vun de Gemenge Groussbus a Wal

Zesumme méi staark



Nodeems scho virun etleche Joere vill vu Fusioune geschwat gouf, ass dat Thema duerno e bëssen an den Hannergrond geréckelt.

Deemools louche vum Ministère de l'Intérieur Proposen um Dësch, déi Gemenge sou ze soe sollten "zwangsfusionéieren".

An dësem Plang ware Gemengen esouguer iwwer d'Kantonsgrenzen ewech beienee gehäit ginn, déi an der Praxis vläicht net déi beschte Kollegee waren.

Am Réidener Kanton war d'Akzeptanz fir déi Moosnamen och zimlech kleng. All eenzel Gemeng war an ass nach ëmmer duerch de Réidener Kanton an deenen eenzele Strukturen wéi z.B. Schwämm, Altersheem, OSCARE, Museksschoul a.s.w. gutt vertrauden.

D'Fusiounsgedanke sinn awer ni ganz aus de Käpp vun de Verantwortleche verschwonnen. Duerch déi gutt Relatioune mat der Gemeng Wal, wou iwwert Joeren exzellent zesumme geschafft gëtt, sinn déi Gedanken erëm nei lancéiert ginn.

Mee firwat fusionéieren, wann et och eenzel geet? **Duerch eng Fusioun kritt ee seng Kraaft "gebündelt".** "Simplification administrative" ass scho joerelaang ee grousst Thema vun der Landespolitik. Um Terrain gesäit dat awer ganz anescht aus. Ëmmer méi Pabeierkrich ass fir kleng Gemenge schwéier ze bewältegen.

Mat der Fusioun kann een déi Aufgaben op méi Schällere verdeelen. Am Krankheetsfall oder Congé ass nach ëmmer een do, dee mat der Matière vertraut ass. Sou kann **ee bessere Service um Bierger** garantéiert ginn.

Am Service Technique kënnen sech d'Mataarbécher och op verschiddene Gebidder spezialiséieren. Och wann d'Distanze méi grouss ginn um Terrain, entstinn dach Virdeeler duerch gemeinsaamt Akafe vu Maschinnen an anerem Material.

Sécher kann ee bei enger Fusion vu Groussbus a Wal keng Servicer ariichten, déi z.B. nëmme Waasseruschlëss oder Gäertneraarbechte maachen. Trotzdeem erlaabt d'Fusioun eis och do, genau wéi an der Administratioun, op méi Leit zrëckzegräifen, fir e beschtméiglechen Déngscht um Bierger ze garantéieren.

Och mussen d'Gemengen **op d'Besoinë vun de Bierger agoen**. Dëst geet vu Crèche, Maison Relais, Schoul- a Sportinfrastrukturen, iwwer Velo- a Wanderweeër bis hin zu Kultur an Tourismus. Doniewt stellt och d'Schafe vu bezuelbarem Wunnraum mat deenen néidegen Investitiounen am Beräich Waasser respektiv Ofwaasser d'Gemenge viru grouss finanziell Erausforderungen.

Esou Engagementer sinn an enger méi grousser Gemeng besser ze stemmen ewéi an enger klenger.

Näischt huet nëmme Virdeeler, mee mir sinn iwwerzeegt, datt eng Fusioun vun eisen zwou Gemenge sech positiv op d'**Liewensqualitéit** vun den Awunner wäert auswierken.



(Sylvère Welter, Schäffen an der Gemeng Wal; Armand Olinger, Schäffen an der Gemeng Groussbus)